N°2116
Entrée le 11.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2116 vum 19. Mäerz 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d' "Construction d'un hôtel et d'un centre de bien-être à Rodange"**

**1. Musse fir de Bau op der Parzell n°1376/6428 Ëmweltimpaktetüde realiséiert ginn a wéi eng Aspekter vun engem Bauteprojet mussen dem Ëmweltminister virgeluecht ginn?**

D'Parzell n°1376/6428 läit an *enger zone de bâtiments et d'équipements publics* [BEP] direkt nieft enger Natura 2000 Zone. Ob eng Ëmweltimpaktetude nom Paragraphe 2, Punkt 2 vum Artikel 32 vum Naturschutzgesetz muss gemaach ginn, kann een eréischt beurteelen wann e konkrete Projet virläit.

Ob den Projet eng Ëmweltverträglechkeetsprüfung op Grondlag vum Gesetz vum 15. Mee 2018 iwwert d'Emweltverträglechkeetsprüfung muss maachen (*loi du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement*) hänkt dervun of, ob den konkreten Projet ënnert dës Legislatioun fält.

All Projet kann dem Kommodo-, dem Waasser- oder dem Naturschutzgesetz ënnerleien.

Aktuell huet den Ëmweltministär keng Informatiounen zu engem konkrete Projet virleien.

**2. Wäerten d'Resultater vun de Sondagen um Terrain souwéi d'Impaktetüde veréffentlecht ginn?**

Dokumenter op deenen eng Decisioun berout kennen am Prinzip ugefrot ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit